GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Här
Lucien WEILER
President vun der Chamber

2 1498

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2007

Här President,

esou wéi den Artikel 76 vun eisem Reglement et virgesäit, bieden ech lech, dës Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden:

An engem Rechtsstat kann an dierf och de virtuelle Raum vum Internet kee rechtsfräie Raum sinn.

Eisen däitsche Noperen ass elo alt nees e massive Schlag géint Keefer vu kannerpornographeschem Material via Internet gegléckt (Operatioun „Mikado"). En Ermëttlungserfolleg deen onzweifelhaft eng ofschreckend Wierkung op dës Zort vu Persoune wäert hunn an däitlech mécht, datt och de relativen Anonymat vum Internet kee Fräibréif fir irresponsabelt oder illegaalt Verhalen ass.

Nei un dëser Verhaftungswell ass, datt se duerch d'Zesummenaarbecht mat de Kreditkaarteninstituter erméiglecht gouf. Op Ufro vun den Enquêteuren, haten d'Finanzdéngschtleeschter déi spezifesch Geldtransaktiounsdaten un d'Justiz weiderginn.

Dofir folgend Froen :

1) Deen implizéierten Verkaafssite war weltwäit zougänglech, also och zu Lëtzebuerg – gouf oder gëtt elo och zu Lëtzebuerg eng entspriechend Enquête an Zesummenaarbecht mat de Kreditkaarteninstituter gemaach, a wa neen firwat net?
2) Wier den Här Justizminister bereet eng entspriechend Enquête och zu Lëtzebuerg ze ordonnéieren?
3) A wéivill Fäll vun Internetkannerpornographie gouf an deene leschte Joren enquêtéiert an zu wéivill Veruerteelunge koum et hei am Land?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten